ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 04/01/2023

Rapport vun der Kultur-Kommissioun

01/2023 – date: 04/01/2023

Presenzen

Present	Net present
EICHER-KARIER Christiane	CINCIS Patrick (excusé)
KIEFER Raoul	GRAFF Yolande (excusée)
KOEPP Carlo	MOREIRA CARDOSO Miguel (excusé)
LESCH Laure	NOESEN Henri (non-excusé)
LUX-PEPIN Mariette	
MICHELS Claudine	
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du jour

1. Approbatioun vum Rapport 05/2022 a vum Joer 2022
2. Manifestatiounskalenner 2023
3. Virbereedung Versammlung 11. Januar 2023
4. Divers
5. Nächst Versammlung

Punkt 1: Approbatioun vum Rapport 05/2022 a vum Joer 2022

- Kulturkommissioun **approuvéiert** de Rapport **05/2022**
- Diane huet net mam Laurence Gengler gekuckt fir d'Iwwereeneenschneidungen vum 18.11.2023

Punkt 2: Manifestatiounskalenner 2023

- c.f. **calendrier** en annexe -> op der Gemeng ufroen fir en op **DIN A3 erauszeprinten** -> 10x
- Kalenner un d'Memberen vun der Kommissioun mam Rapport 01/2023 mailen

Helperknapp, 04/01/2023

- **Datumen** déi sech **iwwerschneiden**:
    - 26.02.2023: ST Brouch & Männerchouer Béiwen/Atert
    - 22.04.2023: Gemeng Helperknapp & F.C. Brouch
    - 08.07.2023: CDJ Bricher Suebelmouken & LANZ-Team-Luxembourg & EV Helperknapp
    - 12.08.2023: F.C. Brouch & Wanderfrënn Brouch & AMAL
    - 17.11.2023: F.C. Brouch & Integratiounskommissioun
    - 18.11.2023: Theaterfrënn Téinten & ST Brouch
    - 19.11.2023: ST Brouch & Musëk Helperknapp
    - 17.12.2023: Integratiounskommissioun & Chorale Ste. Cécile Bëschdrëf
- Den aktuelle Kalenner gëtt un d'Tanja weidergeleet fir dat hat Datumen vun der Gemeng nach androe kann
- Ab dem 11. Januar 2023 ass d'Gemeng den Uspriechpartner fir all weider Manifestatioun di nach an de Kalenner agedroe soll ginn

Punkt 3: Vierbereedung Versammlung 11. Januar 2023

- Material & Gedrénks si bestallt
- **RdV** fir d'Memberen vun der Kulturkommissioun: **18h30 am Koschteschbau**
- **Wëllkomm:** Raoul & Christiane
- **Present**:
    - ASSELBORN Tanja & MANNES Marc – Gemeng Helperknapp
    - EICHER Christiane & GRAFF Yolande – Integratiounskommissioun
- **Mir schreiwen déi Veräiner un, iwwer Mail, wou et Iwwerschneidunge ginn**
- Tanja froen et soll w.e.g. de **Gemengerot informéieren** dat mir deen Dag ons Versammlung mat de Veräiner iwwert de Manifestatiounskalenner 2023 hunn. Merci!
- **Excusé**: MICHELS Claudine

Punkt 4: Divers

- "Konscht um Bill" – **Ausstellung vu Kënschtler** aus der Gemeng Helperknapp -> **16 & 17.06.2023**
- Wee schwätze mir un? Ween invitéiere mir fir do auszestellen?
    - **Moler**
    - **Sculpteur**
    - **Fotograf**
    - **Asw**.

Helperknapp, 04/01/2023

- **Bréif un all Bierger** aus der Gemeng -> no der Fuesvakanz erausginn. Christiane schwätzt mam Letitzia fir dat hat e Bréif opstellt. Christiane freet op der Gemeng no op si een “toutes boîtes” am Mäerz hunn. Am anere Fall verdeele mir als Memberen dëse Bréif
- **Umeldungen bis den 01.04.2023** iwwert Emailadresse manifestations@helperknapp.lu
- **Publikatioun** iwwert **Facebook** vun der Gemeng / Buet
- Eventuell kéint een duerno eng **Versammlung** mat den **Interesséierten um Bill** ofhalen, fir dat si d’Raimlechkeeten kéinten agesinn wou d’Ausstellung stattfënnt
- **D’Memberen vun der Kulturkommissioun** sollen dee WE **present** sinn fir d’Ausstellung ze garantéieren
- **Christiane, Laure, Carlo, Diane, Raoul** sinn den 12.01.2023 op dem Néijoerspatt vun der Gemeng present fir eventuell um Télévie ze hëllefen
- **D’Memberen vun der Kulturkommissioun** si bereet fir den 22.04.2023 um Téléviedag ze **hëllefen**, engagéiere sech awer net mat enger spezifescher Aktivitéit um Télévie
- **Presentslëscht 2023 vun der Kulturkommissioun** --> un d’Tanja weiderleeden

Punkt 5: nächst Versammlung

- **Ordre du jour:**
  - Approbatioun vum Rapport 01/2023
  - Bréif “Konscht um Bill”
  - Preparatioun Ausstellung
  - Divers
  - Nächst Versammlung
- Mir treffen ons déi nächste Kéier de **Dënschden, den 21. Februar 2023 um 19h00 zu Téinten am Gemengesall**

Excusé:

Mir bieden all Member sech spéitstens eng Stonn virun der Versammlung ofzemellen w.e.g. an dëst op d’Mailadress vun der Kulturkommissioun, fir dat all Mënsch Bescheed weess. Villmools Merci.